



**Äntfert vum Här Henri Kox, Minister fir bannenzeg Sécherheet op d'parlamentaresch Fro n° 6339 vum 14. Juni 2022 vum honorabelen Députéierten Fred Keup**

**Ad Fro 1:**

D'Roll vun der Police bei all Fussballmatch ass et de generellen Ordre public an d'Sécherheet vun de Leit ausserhalb vum Stadion ze garantéieren. Heivir waren extra Sécherheets- a Verkéiersdispositiver en Place gesat.

**Ad Fro 2:**

D'Police gräift nëmmen dann am Stadion an, wann et zu Strofdote respektiv Ausschreidunge kënnt, zum Beispill eng Massekläpperei ënnert de Supporteren oder Gebrauch vu Waffen, an dann, wann den Organisateur d'Police kontaktéiert fir am Stadion ze intervenéieren. D'Responsabilitéit vun der Sécherheet an dem gudden Verlaf am Stadion ënnerläit dem Organisateur.

D'Police gouf zu kengem Moment vum Organisateur kontaktéiert fir während dem genannte Match am Stadion ze intervenéieren.

**Ad Fro 3:**

D'Police ënnerstëtzt eng Trennung vu Supporter bei Risikomatcher. Dëst ass awer net méiglech ëmzesetze wann den Ticketsverkauf esou ass, dass souwuel Spectateuren déi zu Lëtzebuerg wunnen, wéi och Spectateuren déi am Ausland wunnen, hier Tickete fir en Match online kafe kënnen.

**Ad Fro 4:**

Ee Fussballmatch gëtt entweder als "Risk-Match" oder "No-Risk Match" vun der Police aklasséiert, baséiert op den Informatiounen déi d'Police am Virfeld huet. Et gëtt dann en adequate Sécherheetsdispositif ronderëm de Stadion en Place gesat.

**Ad Fro 5:**

D'Risikoaschätzung vun engem Match säitens der Police ass eng aner, wéi déi säitens der UEFA/FLF. D'Police analyséiert op Grond vun den disponibelen Informatiounen, ob et Problemer par Rapport zum Ordre public kéinte ginn. Dëst war bei dësem Match net de Fall.

Lëtzebuerg, den 01. Juli 2022

Den Minister fir bannenzeg Sécherheet

(s.) Henri KOX